N° 6125
Reçue le 07.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet a vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°6125 vum Här Deputéierten Sven Clement iwwert de Remboursement vun der Psychothérapie**

1. *Wéini waren déi lescht Verhandlungen an dësem Dossier?*

Déi lescht Entrevue huet den 21. Abrëll 2022 stattfonnt. Et waren nach weider zwou Entrevue am Mee virgesinn, mä déi hu missen ofgesot gi well d'Membere vun der FAPSYLUX verhënnert waren op de geplangten Datumer.

2. *Wat ass den aktuelle Stand vun de Verhandlungen?*
*Firwat gëtt keen Accord fonnt?*
*Wéi gesinn déi aktuell Positioune vun de Verhandlungsparteien aus a wisou loossen sech dës net vereenegen?*

D'Gesondheetskeess (CNS) huet e Model vun engem Parcours de soins vun engem Patient deen eng psychotherapeutesch Behandlung brauch am Kader vun der Krankeversécherung proposéiert. Dëse Modell ass deelweis inspiréiert vun de Richtlinnen déi vum däitschen "Gemeinsame Bundesausschuss" (G-BA) ausgeschafft goufen.

D'CNS an d'FAPSYLUX sinn sech prinzipiell eens dës Approche ze verfollegen. Et sief awer ze bemierken datt verschidde praktesch Modalitéiten a Critèren nach am Detail mussen diskutéiert ginn. Et gëtt kee fundamentalen Desaccord iwwert de Modell, et wäert awer nach néideg sinn, de Kader vu senger Uwendung ze spezifizéieren.

Déi aktuell Verhandlunge bezéien sech op d'Tariffer, déi an d'Nomenclature fir déi verschidden Akte musse kommen.

Den 3. Februar 2022 huet d'CNS eng Tarifpropositioun gemaach, déi op folgender Approche baséiert:

- D'Aféierung vun enger Prise en Charge vun der Krankeversécherung soll eng soll finanziell Erliichterung fir d'Assuréen ubidden déi eng Behandlung bei engem Psychotherapeut brauchen.

- D'Tariffer, déi an enger Nomenclature applizéiert ginn, mussen no bei den Tariffer sinn, déi aktuell vun de Psychotherapeuten applizéiert ginn.

- Déi proposéiert Tariffer musse kohärent sinn zu aneren Tariffer an der Nomenclature vu verschiddene Gesondheetsberuffer déi änlech Servicer a ubidden an e vergläichbaren Niveau vun Diplomer hunn.

Déi uewegenannten Approche an den Tarif, deen doduerch entsteet, goufen dem Verwaltungsrot vun der CNS virgestallt, deen säin Accord ginn huet, fir op dëser Basis d'Tarifverhandlunge mat der FAPSYLUX ze féieren.

Den 21. Abrëll 2022 huet d'FAPSYLUX den Tarifvirschlag vun der CNS refuséiert an eng Präisempfehlung un Psychotherapeuten erausginn. Dëst entsprécht awer net de Prinzippie vun der Krankeversécherung,

wou de legale Kader virgesäit dat d'Akte mat den Tariffer an d'Nomenclature mussen definéiert ginn. De Remboursement kënnt dann an d'Statute vun der CNS stoen.

Et goufen zwou nei Verhandlungssëtzungen am géigesäitege Accord fir Ufank Juni 2022 festgeluecht.

1. *Wéi eng Pisten huet d'Regierung an de vergaangenen 12 Méint probéiert, fir een Accord z'erreechen?*
2. *Wat gedenkt d'Regierung an Zukunft ze maachen, fir den Dossier net nach wieder laang Joren onclôturéiert ze loossen?*

De Code vun der sozialer Sécherheet gesäit vir, dat d'Verhandlunge legal tëschent der CNS an der FAPSYLUX musse gefouert ginn.

Well an der Vergaangenheet esou d'Verhandlunge vun der Konventioun ewéi d'Mediatioun gescheitert sinn, huet de Minister fir sozial Sécherheet mussen déi konventionell Relatiounen iwwer e groussherzogleche Reglement festleeën, esou ewéi de legale Kader dat virgesäit.

Doropshin hunn d'Verhandlunge vun den Akten a Tariffer konnte lancéiert ginn, bis elo awer ouni Erfolleg.

De Minister vun der sozialer Sécherheet huet formell d'FAPSYLUX gefrot fir d'Vertrieder ze nennen, déi sollen an d'Nomenclaturkommissioun siegéieren, fir dat formell eng Saisine ka vun der Kommissioun traitéiert ginn. Wann dës gemaach ass, ass de nächste Schrëtt eng Saisine ze maache mat den Akten an d'Koeffizienter déi dann den Tarif matbestëmmen.

Doriwwer eraus erlaabt de legale Kader keng grouss Marge de manoeuvre fir d'Regierung, well hei och d'Autonomie vun de Partneren (CNS a FAPSYLUX) soll assuréiert ginn esouwäit dat méiglech ass.

3. *Ass d'Regierung der Meenung, dass fräischaffend Psychotherapeute mat Praxissen, déi dezentral iwwert d'Land verdeelt sinn, en essentielle Pilier vun der medezinescher Prise en charge am Beräich vun der Santé mentale duerstellen?*

*Oder gesäit d'Regierung de Fokus vun hirer Gesondheetspolitik hei éischter bei Behandlungen duerch Psychotherapeuten an zentrale Strukture wéi z.B. Spideeler?*

*Wéi beaflosst dës Approche zu engem éischter zentraliséierten oder dezentraliséierte System d'Verhandlunge ronderëm de geplangte Remboursement vun der Psychotherapie?*

Souwuel déi fräischaffend Psychotherapeute mat Praxissen déi iwwert d'Land verdeelt sinn, wei och Psychotherapeuten an zentrale Strukturen sinn néideg fir eng Optimal Prise en Charge am Beräich vun der mentaler Gesondheet kennen ze garantéieren. Déi verschidden Acteure si komplementar fir de Patienten déi néideg Gesondheetsleeschtungen unzebidden.

Lëtzebuerg, den 7/6/2022

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen